An. Mir héiren haut dei 10. Sendung "Diddeleng a schwéirer Zeit" - d'Geschicht vun der letzebuerger Jugend am 2te Weltkrich", zenter Radio Diddeleng den 19. Abrel mat sengen offizielle Sendungen ugefangen huet.
Sécher waren d'Nolauschteren vun den éschten Emissiounen net ganz zuelreich, R.D. war jo och nach net bekannt awer zenter der offizieller Aweiung de 7. Mee dierft dat sech geännert hun.

Mir wären dofir ganz fro an och dankbar wann während, ~~dees~~ oder no deser Sendung all dei Leit ous géwen/ um Telefon uruffen dei ous nolauschteren an och hir Méinung iwert dest Thema oder R.D am allgemenge soen.
Ous Telefon N: 52 44 04
Domadde mach dir ous e grousst Gefalen.
Engersäits wéiste mir wieviel Leit ous nolauschteren
Also op Telefon N: 52 44 04
Anerersäits kennte mir ous e Bild machen iwert är Meinung
Also ~~op~~ iwert N° 52 44 04
Zéckt wann ech gelifft net, égal wat dir sot mir ~~[illegible]~~ sen iech merci
An nach eng Kéier N° 52 44 04

An elo zu eisem heitegen Thema:
D'Reaktioun vum letzebuerger Volleck op d'Aféierung vum obligatoreschen däitschen Militärdingscht am 2te Weltkrich
Bei eis am Studio, wéi och dei Sendungen virdrun, den Här J. W Präsident vun den Zwangsrekrutéierten.

W. D'lescht Joer, 1992 ~~also~~ waren et 50 Joer dass den 31 August 1942 den ~~Streik~~ allgemenge Streik zu Lëtzebuerg ausgebrach war. Desen Anniversaire war zesummen vun der Fédératioun vun den enrôlés de force mat de Resistenz Organisatiounen an de beoptraagten Regierungsinstanzen an enger Rei vun Manifestatiounen organiséiert ginn. Esou wuel an der geschriwwener Press wo vill a gud Artickele publizeiert gouwen, wei och op der Televisioun wo den Här Eli Kuck elei, verschidde ganz gud Reportage bruecht hat wei och op RTL ass ausféierlech iwert desen einzege Streik erënnert ginn. Fleiz haten d'Organisatoren sech mei regelmässeg ~~Re~~ Sendungen iwert den ~~Radio~~ UKW vun RTL erwart, awer et war net de Fall. De Streik ass dann och aus dëne verschiddene Gesichtspunkte belicht a beurteilt ginn.

Eppes ~~war~~ awer sécher emmer erem iwersin ginn: An zwar d'Ursach vum Streik; dat heescht, firwat war de Streik ausgebrach?

De Streik war d'Äntwert op dat grousst Kriegsverbriechen wat Deutschland sech geléscht hat mat der Zwangsrekrutéierung vun der lëtzebuerger Jugend an d' deutsch Wehrmacht.

Et war also vir d'éischt de 50ten Anniversaire vum 30. August 1942, wo de Gauleiter Gustav Simon an enger grouss Kundgebung an der Hal um Lampertsbierg des Verordnung iwert d'Zwangsanzéiung erloss hat. Och d'Ursachen vun desem Verbriechen, firwat des Zwangsverschleppung vun de Lëtzebuerger un d'Fronten hätt villmei misse belicht ginn, esou wei mir dat an onser Sendung vum leschte Méindeg gemat hun.

De Streik war d'Reaktioun vum lëtzebuerger Vollek ob dest Verbriechen. Ob et nun en organiséiert Streik war oder e spontane spillt keng allze grouss Roll. De Fait war d'Hapsach. Secherlech hun Resistenzorganisatiounen wei och eenzel Leit debei eng grouss Roll gespillt, mä wat mir ausschlaggebend erschéngt war dass d'Vollek mat engem Schlag gespiert a sech bewosst gow, dass mat deser Verordnung de Gauleiter en Todesurteil iwert seng Jugend, iwert seng Jongen ausgesprach hat. Et huet jiddereen, och wann hien oder ~~ké~~ och kéin vun senger direkter Familien betraff war, ~~ge~~ gefillt dass bei den Okkupant ze weit gange war a seng Absicht war d'lëtzebuerger Vollek ze vernichten andéms e seng Jugend un de Kriegsfronten ausbludde wollt lossen.

Dass dës Absicht vum Okkupant geplangt an der Wirklechkeet och entsprach huet beweisen Tatsaachen an Quelen vun den Doudegen, Kranken a Mutileierten déi um Enn vum Krich ze verzéchne waren.
Obschon sech vun dénen ronn 12.000 viséierten Zwangsrekrutéierten sech der ronn 3500 direckt oder virum Frontasaz oder no engem ~~éischte~~ Congé ~~...~~ dem ~~Dod~~ bal secheren Do'd entzéie konnten, ~~...~~ hu vun dénen Reschtlechen 8500, 3000 hir Heemecht net méi erem gesinn an zousätzlech sin der nach vill vill ze fré ~~vun~~ un den erliddene Strapatzen gestuerwen.
Dës Quelle beweisen also kloer em wat et dem Gauleiter Gustav Simon, wéi och séngen zwé Kumpanen am Elsass an am Lothrengeschen gaangen ass. D'Vernichtung vum Volleckskierper an ~~säi~~ dénen hinnen ennestallte Gebidder.
An d'Lëtzebuerger hate sech och net getäuscht an der Beurtéilung vun der Deklaratioun vum 30. August 1942 an hir Geffller ware scho richteg wéi sie sech a spontaner Solidaritéit em hir Jonge gestallt hun an dem Ennerdrécker né gesot hun an der ganzer Welt bewiesen dass mir als fräit Volleck de Verdickt vum Nazi net géiwen unhuelen.
~~...~~ Mutech
Courageiert Leit a schon zënter laangem a verschidden klengen oder grisser Gruppen sech zesumme fond hun dann och den 31 August d'Parol vun der Arbechtsnéierleeung eraus gin.
Eso méndes Muerges um 7 Auer hun déi 6 bis 7 honnert Arbechter an der Liederfabrik "Ideal" zu Wolz d'Arbecht néiergeluecht, Hinnen hu sech och déi aner Fabricken, wéi bei Lambert's, bei Clarens an an de Brauereien ugeschlos.
E Cortèg huet sech forméiert an ass duerch Wolz gezunn. Ech well all déi Détailler vun desem Streikdag zu Wolz net reppeléieren, et ass ausgiebig d'lescht Joer gemaat gin.
Zou Schëffleng op der Metzeschmelz ass et entgültig owens um 6 Auer Schluss mat der Arbecht gemaat gin wéi den Arbechter Hans Adam d'Ziréne gezunn huet.
D'Zich sin net gefuer, d'Butécker gowen zougemaat, d'Baueren hun statt d'Mellech ofzeliwweren, se ausgeschott, bei de Schmelze Portale stungen d'Arbechter a sin net era gangen genau wéi och net an de Gallerien. D'Studenten an d'Studentinnen hun d'Classe verloss a sin hém gangen; d'Professeren hu keng Schoul gehalen.
An éngem Wuert, d'ganz Land hat séng Aktivitéit opgin an duerch séng passiv Haltung dem Okkupant séin Désaccord gewiesen

Wat war nun d'Verhaalen respektif d'Bedeelegung vun der ~~lëtzebuerger~~ Jugend un a bei desem Streik? Op des Froe well ech nach kurz agoen well des Emissionnen sech jo tatsächlech em d Geschicht vun der lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkrich bezéen.

Wei schon virdrun erwähnt hun an deene verschiddenen Gymnasiumen, Kollech (wéi dat demols genannt gin as) an an de Lyzéen d'Studenten an d'Studentinnen hir Klasse verlos, oder wa sie e preisesch oder preisesch ugehauchte Prof haten net op den Heil Hitler Grouss geäntwert, d'Bicher net opgemat a gesot sie géwe streiken. Dei an de Prouletten zu Lëtzebuerg, Diekirch an Iechternach si spazéiere gangen an dono heem gefuer. ~~Aus~~ A ~~Athenée~~ Lyzéen sin d'Mederscher duerch d'Fenster eraus geklommen, am Hoff stoe bliewen an teilweis net mei zeréck an d'Schoul kom. Natierlech gowe sie vun enger Rei vun hire Professeren ennerstözt an et kann é kloer behapten dass d'Schoulwiesen komplett zesumme gebroch war a speziell heiriwer den Damien Kratzenberg als deutsch Proff gekacht huet. Och an de Léierbuden op Arbed Belval hun d'Léierjongen sech hire Pappen ugeschloss, hun d'Arbecht néiergeluecht, blowe bei de Portale stoen oder sin heim gangen.

D'Represaillgen dei d'Preisen op dese Streik ergraff hun, kruten natierlech och des Jugendlech ze spieren wei mir elo gleich bei der ~~Reakti~~ dutscher Réaktion gesin

**Musek** ←

Wei (also) duerch dei verschidden Streikaktionnen d'wirtschaftlech Liewen zu Lëtzebuerg praktesch komplett, den 31 August 1942 zesumme gebroch war, waren d'Preisen fir d'éscht emol paff. Dat hate sie sech net erwart. Weder d'lëtzebuerger Preisen, nach dei vun Treier a Koblenz, nach de Gauleiter a seng ängste Beroder. Nodéem se sech vum éschte Schreck erholl haten hu sie awer dunn och mat ~~verblendeten~~ brutaler Gewalt reagéiert:

D'Zeitungen vum 1. September hun dei éscht Schlagwierder bruecht. Vir d'éscht as emol d'Schold vum Streik op dei aner geluecht gin, mat de Wieder wei:

Bezahlte Feindagenten am Werk – Bezahlte Feindagente haben in Schifflingen zum Streik aufgerufen.

An dunn Ero'ungen:

Ziviler Ausnahmezustand über Esch verhängt

Standgericht eingesetzt

Todesurteile werden durch Erschiessen vollstreckt.

Den Ausnahmezustand dén sech an enger 1. Verordnung nemmen op Esch bezunn hat gouv an enger 3ter Verordnung och op d'Stad Diddeleng ausgedéint an an enger 4ter Verordnung iwert d'ganz Land gebreecht.
All Dag kummen bludrot Plackaten eraus mat der Numm drop vun dénen déi erschoss gowen.
Des Plakaten bläiwen an all eise Musëen eng éiwech ~~Ukl~~ richtlech Uklo ~~fir~~ un Nazi-Deutschland déi virun neierst zeréckgeschréckt huet fir hir Tyrannei zu Lëtzebuerg duerch ze setzen. 20 Lëtzebuerger, et kann é'sou bleiwecht ausgericht, sin an desen 1te Septemberdég 1942 verurteilt an erschoss gin.
Den 48 joer âlen Hans Adam, ~~gouv ge~~ dén d'Zirene zu Schëffleng gezunn hat, gouv geköppt.
Fir hei ze dokumentéieren wat fir eng Wut de Gauleiter op d'Lëtzebuerger vum Streik hat liesen ech ~~en~~ Auszuch aus senger Ried déi hien den 13. Septemb. 42 virun der Führerschaft vun der VDB also der Volksdeutschen Bewegung gehalen huet

page 53.

«Das Standgericht hat dann außerdem 125 Personen in Haft behalten, davon 9 Richter, 5 Staatsanwälte, 11 Studienräte, 2 Lehrer, 12 sonstige Beamte, 5 Betriebsführer, 3 Kaufleute, 13 Angestellte, 14 Landwirte, 3 Ingenieure, 17 Handwerker, 24 Arbeiter und 7 Angehörige freier Berufe. Diese 125 Personen, die insbesondere an dem Streik schuldig sind und die sich eines aufrührerischen Verhaltens schuldig gemacht haben, werden Strafbaukompanien zugeführt. Um ein Mißverständnis zu beseitigen, möchte ich noch betonen, daß sie nicht Soldaten werden, sie gehören nicht zur deutschen Wehrmacht, sie tragen nicht das graue Ehrenkleid des deutschen Soldaten, sondern sie tragen die Kleidung der KZ-Sträflinge und sie gelten auch als KZ-Sträflinge. Sie haben an der Front für den deutschen Soldaten zu schanzen und zu schuften. Sie werden Minen ausräumen, sie werden Granaten verladen, sie werden Bunker bauen, sie werden alle Tage unter Feindbeschuß ihre bolschewistischen Verbündeten, denen sie die Hand gereicht haben, nun auch einmal kennen lernen.»

Hei eraus spiert ë' förmlech den Haas ~~den~~ d'Roserei déi de Simon op d'Lëtzebuerger vum Streik hat.

Nach eng Aktioun déi och zum Streik geféiert war d'Opfuerderung vun de Resistenz-Organisatiounen d'VDB's Kart zeréck ze schécken. Wéi allgemeng bekannt ~~waren~~ hate vill Lëtzebuerger dem Drock nogin, sech an d'Volksdeutsche Bewegung opluele geloss an haten ausser dem Opzéiden, vu Lëtzebuerger de Koff genannt och eng Memberskaart kritt. Des Karte gouve massif zeréck geschéckt, wann och fleicht net am Verhältnis wéi vun der Resistenz erhofft, esou dach a genügend grousser Zuel, fir de

Preisen d'Oppositioun zu der Zwangsrekrutéierung ze weisen.
De Streik hat awer net nemmen seng ~~Hau~~ negatif a positif Auswirkungen am Land a bei de Preisen mä och d'Ausland huet mat grousem Erstaunen hei vun Kenntnes geholl.
An natierlech huet d'Renommée vun onser ~~Reg~~ Exil Regierung heiduerch enorm zougeholl, obschons sie nun awer och guer ké Verdingschaft heierunner hat.

- D'New Yorker Zeidong "Daily Worker" schreiwt de 14 September:
  De Generalstreik zu Letzebuerg ass den éschten Generalstreik am besatenen Europa. Et ass eng regelrecht offen Kriegserklärung un dem Hitler seng "Neuordnung".
- "Times-Record" aus Troy schreiwt:
  Dapert Letzebuerg. D'letzebuergesch Bevölkerung, dat winzegt Grousherzogtum un der Westgrenz vun Deitschland huet en neien Rekord opgestallt a punkto Erausfuerderung un d'Adress vun der Nazisteschen Tyrannei.
- Souwuel de russeschen wéi och den engleschen Radio hun an Sendungen d'Nowicht vum Generalstreik zu Letzebuerg an d'ganz Welt gedroen, an iwert den ontengsame Willen vun de Letzebuerger fir d'Freiheet an hire Widderstand géngt den Okkupant bericht.
- Dé klengen David huet et gewo'it ~~/~~ sech géngt den démols nach mächtegen a siegreichen Goliath ~~sech~~ ze wieren.
- Démols, an nemmen démols ass Fundament vun der Haltung vun onsem Land ~~geleet~~ bei den Alliéierte geleecht ginn ~~ge~~ wat ons an der Nokriegszeit op villen Plangen zegud kom ass.

Den 8. an 10. September 1942 gouw den Ausnahmezoustand opgehuewen awer d'Preisen hate sech schon neis en nach Verbriechen ausgeduecht: <u>D'Emsiedlung</u>
An engem längeren Artikel an dem Nationalblatt (dei démoleg offizielle Zeidong) den 9 September gouw erklärt wat ~~arrivéiert~~ d'Emsiedlung wär a wirwat sie misst agefo'ert ginn. An zwar kennten op de Grenzen vum deitsche Reich kéng Leit geduldt ginn dei sech net zum Deitschtum bekennen, dofir géiwe sie an d'Bannenland engesiedelt ginn an duerch bewärte Reichsdeutsche an hiren Héemen ersät. Heimadde waren also all dei visséiert dei de Preisen an irgend enger Form a Weis d'Stier gewiesen hun, dei also dei den Ortsgruppeleiter oder anere preisesche Fonktionnäre net gange sin.

Ouni Avertissement sin muerges an aller Fréi d'Emsiedlungscamion'en bei desen Ongléckleche opgetaucht; mat Kreesch an Vremplungen gouwe se aus de Better gehäit oder vun der Muck oder Fréistéck geholl, just déi Saachen konnte se päken a mathuelen déi sie selwer konnten droen, gouwen mat dese Camion'en bis op d'Hollerecher Gare gefo'ert a vun do aus gong et an déi bekannt Emsiedlungslageren wéi Leubus, Boberstein, Schreckenstein, Wallisfurth an Trebnitz fir nemmen des puer ze nennen.

Kuerz Zeit dono ~~kummen~~ sin dann aus dem Reich oder bewäährt Nazien aus Ostgebieter an den Ugesiedelten hir Heiser agezunn a sech hei breed gemat.

Och aus Biddeleng gouwen 30 Familien emgesiedelt.

An enger nächster Sendung komme mir op méi Detailler an a Gespréicher mat Iwwerliewender vun der Aktioun zeréck.

Fir haut wëlle mir mat desem Kapitel, wat engersäits dat gréisst Nazi-Verbriechen: d'Afféierung vun der Zwangsrekrutéierung, war, anersäits awer och den héroesche Widderstand vum lëtzebuerger Vollek, de Streik, ofschléissen.

Wat war nun d'Verhaalen respektif d'Bedéilegong vun der ~~lëtzebuerger~~ Jugend un a bei desem Streik? Op des Froe well ech nach kurz agoen well des Emissionnen sech jo tatsächlech em d'Geschicht vun der letzebuerger Jugend am 2te Weltkrich dréien.

Wei schon virdrun erwähnt hun an deine verschiddenen Gymnasiumen, Kollech ass dat demols genannt gin an an de Lyzéen d'Studenten an d'Studentinnen hir Klasse verlos, oder wa sie e preisesche oder preisesch ugehauchte Prof haten net op den Heil Hitler Grouss geäntwert, d'Bicher net opgemat a gesot sie géiwe streiken. Dei an de Bouletten zu Letzebuerg, Eechternach an Iechternach si spazéiere gangen an dono hém gefuer. ~~Am~~ 17 ~~Mederscher~~ Lyzéen sin d'Medercher duerch d'Fenster eraus geklommen, am Hoff stoe bliewen an éventuell net méi zeréck an d'Schoul komm. Natierlech gouwe sie vun enger Rei vun hire Professeren ennerstözt an et kann é klor behapten dass d'Schoulwiesen komplett zesumme gebrach war a speziell heiwiwer den Damien Krezenberg als deutsch Proff gekracht huet. Och an de Léerbuden op Arbed Belval hun d'Léerjongen sech hire Pappen ugeschloss, hun d'Arbecht néiergeluecht, blouwe bei de Portale stoen oder sin heim gangen.

D'Represailljen dei d'Preisen op dese Streik ergreff hun, kruten natierlech och des Jugendlech ze spieren wei mir elo gleich bei der ~~Reakti~~ deutscher Réaktion gesin.

Musek ←

Musique

Wei duerch dei verschidden Streikaktionnen d'wirtschaftlech Liewen zu Letzebuerg praktesch komplett, den 31 August 1942 zesumme gebrach war, waren d'Preisen fir d'éscht emol paff. Dat hate sie sech net erwart. Weder d'letzebuerger Preisen nach dei vun Tréier a Koblenz, nach de Gauleiter a seng ängste Beroder.

Nodém se sech vum éschte Schréck erholl haten hun sie awer dunn och mat ~~berüchtigten~~ brutaler Gewalt reagéiert:

D'Zeitungen vum 1. September hun dei éscht Schlagwierder bruecht. Vir d'éscht as emol d'Schold vum Streik op dei aner geluecht gin, wat de Wieder wei:

Bezahlte Feindagenten am Werk – Bezahlte Feindagente haben in Schifflingen zum Streik aufgerufen.

An dunn Bro'ungen:

Ziviler Ausnahmezustand über Esch verhängt

Standgericht eingesetzt

Todesurteile werden durch Erschiessen vollstreckt.